N°1919
Entrée le 10.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Rezent Medieberichter no huet den Direkter vum Atomkraaftwierk zu Cattenom fir d'éischt d'Méiglechkeet vun engem neie Reakter vum Typ EPR op der Plaz ugeschwat. Dëst wier eng wesentlech Weiderentwécklung vun der Atomkraaft op der franséischer Säit vun der Grenz, déi och Auswierkungen op Lëtzebuerg kéint hunn. Bis ewell gouf et keng offiziell Stellungnam vun der Regierung zu dëser Fro. Am Interêt vun der Ëffentlechkeet an am Hibléck op d'Sécherheet an d'Ëmweltschutz ass et wichteg, datt d'Regierung hir Positioun zu dëser Entwécklung matdeelt a kloer Stellung bezitt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung iwwer déi rezent Aussoen iwwert e méiglechen neie Reakter zu Cattenom forméiert ginn, a wa jo, wat ass hir Positioun dozou?
2. Wéi eng Moossnamen hëlt d'Regierung fir d'Sécherheet vu Lëtzebuerg ze garantéieren, falls e weidert Atomkraaftwierk no bei eise Grenze gebaut gëtt?
3. Wäert d'Regierung mat de franséischen Autoritéiten a Kontakt trieden, fir hir Suerg iwwer dës Pläng matzedeelen an op d'Risike vun der Atomkraaft opmierksam ze maachen?
4. Wéi eng Alternativen zur Atomkraaft gesäit d'Regierung, fir eng nohalteg an zouverlässeg Energieversuergung an der Groussregioun ze erreechen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten